ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Januar 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Am Kader vum neie Spidolsplang ass de Service Urgence vum "Hôpital Princesse Marie-Astrid" zu Nidderkuer vum 1. Januar 2019 u gestrach ginn. Dat tëscht 9 Auer owes a 7 Auer moies. Am Kader vun engem Noutfall musse sech Patienten elo am "Centre hospitalier Emile Mayrisch" zu Esch-Uelzecht behandele loossen. Laut engem Artikel am Tageblatt vum 07.01.2019 kann déi virop betraffe Populatioun aus der Gemeng Déifferdeng déi nei Mesure net novollzéien. Gefaart gëtt, datt déi zum Deel stonnelaang Waardezäiten am Escher CHEM nach weider an d'Luucht ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1. Deelt den zoustännege Minister d'Suergen vun deene betraffene Leit? Sinn zousätzlech Moossname geholl ginn, respektiv, ass dat medezinescht Urgence-Personal am CHEM opgestockt ginn?
2. Wat kréien d'Bierger aus der Gemeng Déifferdeng geroden, wëssend, datt fir si de Wee elo méi laang ass, fir sech an engem Noutfall am Spidol behandelen ze loossen? Gëtt d'Maison Médicale vun Déifferdeng ausgebaut?
3. Wéi laang sinn déi duerchschnëttlech Waardezäite an der Urgence vum CHEM wärend de Nuetsschichten?

Mat déiwem Respekt

Gast Gibéryen
Deputéierten